



COURRIER OFFICIEL

N/réf.: COMDIPP2020-2

Madamm Buergermeeschter vun der
Gemeng Dippech

Gemengeverwaltung Dippech
11, rue de l'Eglise
L-4994 SCHOUWEILER

Dippech, den 4. Februar 2020

URGENT

Objet : BAU VUM CONTOURNEMENT DIPPECH-GARE

Madamm Buergermeeschter,

Nees eng Kéier si mir duerch d'Press gewuer ginn, dass de Bau vum Contournement Dippech-Gare erëm op onbestëmmten Zäit no hanne verréckelt gëtt. Dës Kéier wëll eng Ëmweltautorisatioun feelt. Laut RTL hätt den zoustännege Minister François BAUSCH äre Schäfferot doriwwer informéiert.

Zanter Joerzénge waarden d'Bierger vun Dippech-Gare mee och déi vill Automobilisten, déi Dag fir Dag virun der Barrière am Stau stinn, op de Bau vun dësem Contournement.

Zanter Joren elo mécht äre Schäfferot de Leit ëmmer nees falsch Hoffnung. Vill ze dacks hutt Dir an der Ëffentlechkeet Délaien genannt, déi all Kéier nees no hannen verréckelt gi sinn.

Op ville Plazen am Land ginn aktuell Ëmgoungsstroossen geplangt a gebaut. Erstaunlech ass et schonn, dass no 20 Joer Diskussioun a Planung d'Aarbechten um Contournement Dippech-Gare nach net ufänken an dat obwuel Dir ëmmer nees de Contraire verspricht.

De Contournement Dippech-Gare ass e Fiasko fir de Schäfferot, dee sech méttlerweil lächerlech mécht an all Credibilitéit verléiert.

Et ass schwéier novollzéibar firwat et grad an der Gemeng Dippech bal eng Saach vun der Onméiglechkeet ass fir e Contournement ze bauen?!

Als Schäfferot hutt Dir laut eegenen Aussoen dee beschten Drot zu de Ministeren.

Ären 1. Schäffen ass souguer Deputéierten a Vizepräsident vun enger Regierungspartei. Äre Parteikolleg a Kandidat op ärer Lëscht fir d'Gemengewahlen, dee bis viru kuerzem nach

President vun der Dippecher Verkéierskommissioun war, ass ee vun de Verantwortlechen bei Ponts&Chaussées, déi mam Projet Contournement Dippech-Gare beoptraagt sinn.

Wéi erkläert Dir Iech also, dass trotz ärer Proximitéit an ärem „gudden Drot“ zu den zoustännegen Autoritéiten de Bau vum Contournement Dippech-Gare ëmmer nees verréckelt gëtt an et bis haut kee seriéise Projet vun engem Contournement fir déi ganz Gemeng Dippech gëtt?

Wéi ass et z'erklären, dass obwuel de Verlaf vum Contournement Dippech-Gare schonn zanter 2004 feststeet, op der selwechter Plaz am Joer 2016 eng Natura2000-Zone erricht gouf? Sämtlech Instanzen souwéi Dir als Gemengeverantwortlech wossten dovun Bescheid!

Ech bieden Iech nach dës Woch am Detail de Gemengerot iwwert déi nei Elementer an d'Suitten am Dossier Contournement Dippech-Gare z'informéieren.

Mat frëndleche Gréiss,

(s) Sven SCHAUL,
Conseiller a President vun der Biergerinitiativ